# « MIR, D’CSV.
# MIR ZU LËTZEBUERG »

## E PROJET FIR D’CSV. FIR 2023 AN DORIWWER ERAUS.

## Mir. D’CSV.

***Léif Parteifrëndinnen a Parteifrënn,***

Ech wende mech ausnamsweis a Form vun engem Schreiwes direkt un iech. A gutt sechs Wochen ass Parteikongress. Deen ass digital, well en dat muss sinn, a well mir dat och kënnen. A mir wäerten op deem Kongress digital wielen, all eis Parteigremien erneieren.

Dëst ginn déi Gremien, déi mer wäerte bis no der Chamberwal 2023 hunn. Si musse Lëschten opstellen, ee Programm entwéckelen, eng Campagne maachen. Déi Chamberwal entscheet iwwer villes fir eis Partei. Vläicht iwwer alles.

Et gouf an deene leschte Méint ëmmer nees Momenter vu Sträit an der CSV. Datt dat net gutt ass, wësse mer alleguer. Mee esou ze maachen, wéi wann et an eiser Partei keng Diskussioune géif, a keng zouzeloossen, dat ass falsch. Ech weess aus ganz ville Gespréicher mat ville vun iech, datt dir wëllt un der grousser Diskussioun iwwer d’Zukunft vun der CSV deelhuelen. Déi kënne mer net an der Spëndche féieren, an däischteren Zëmmeren an hanner virgehalener Hand. Déi musse mer oppe féieren – esou, wéi et sech fir Leit mat Grondsätz an Iwwerzeegunge gehéiert.

Mir kënnen eis Positiounen zu dësem an zu deem och net esou betonéieren, datt mer kee Sputt méi hunn, wa mer eis musse mat der politescher Konkurrenz ausernee setzen. A genee ëm déi Ausernanersetzung geet et an zwee Joer. Net déi mat eis selwer, mee déi mat deenen aneren. An da musse mer wëssen, wou mer stinn, wuerfir mer stinn, wéi mer un d’Saachen eruginn a wat eis wichteg ass. Duerfir solle mer eis elo d’Zäit huelen, eis programmatesch Landschaft zesumme frësch ze plouen.

Ech wëll iech virum Kongress 2021 ee Projet proposéieren. Ee Projet fir d’CSV, fir 2023 an doriwwer eraus. Et geet mir em eng Method, ëm eng Ausriichtung vun der Partei, ëm déi Inhalter, déi wierklech zielen. Ech wëll iech soen, wéi ech d’Saache gesinn. Net iergend een Organ oder Gremium – ech selwer. Dir hutt e Recht drop, dat ze wëssen. **Dir hutt en Usproch drop, ze wëssen, wat dee wëllt, deen am Moment d’CSV presidéiert. Ech géif dat gär weider maachen. Mee ech kann et nëmme weider maache mat ärer Ënnerstëtzung an ärem Engagement fir eise gemeinsame Projet.** Ech soen et nach e puer Mol op de folgende Säiten: d’CSV, dat ass net eng Affär vun Dosenden. D’CSV, dat ass eng Affär vun Dausenden. Vun iech a vun eis alleguer. Eis Saach muss eis selwer kloer sinn, fir datt mer dem Land se kënne kloer maachen.

Dëse Projet ass eng Offer. Et ass déi vu mir, déi ech zesumme mat enger Rëtsch vu Frëndinnen a Frënn an der Partei konzipéiert hunn, an dee mer elo wëllen zur Diskussioun stellen. Et ass kee komplette Programm, mee eng Deklinatioun a groussen Themen. Ech hoffen, dir huelt iech d’Zäit, fir dëse Projet ze kucken, an am léifsten och, fir e matzediskutéieren. Dat gëtt um Site vun der Partei méiglech gemaach, wann der iech an eisem neien Membersberäich aschreift. Ech freeë mech op dës Diskussioun!

***

Eis Partei huet iwwer 100 Joer. An där Zäit huet si souvill erlieft, ewéi d'Land. Si ass mat Lëtzebuerg gewuess. Si huet hiert Land wuesse gedinn. Si huet et an Europa verankert an déi kontinental Entwécklung matgepräägt. Ni war et hir egal, wat iwwer eis Grenzen eraus lass war. Ëmmer war d'CSV eng Partei, déi dat grousst Ganzt gesinn huet. Heiheem, an der Groussregioun, an Europa, an doriwwer eraus.

D'CSV ass eng grouss Vollekspartei vun der Mëtt. Dat ass en Usproch, keng eidel Floskel. Iwwer Joerzéngten huet d'CSV d'Froe vun der Zäit resolut ugepaakt an huet versicht, d'Saache besser ze maachen. Meeschtens ass dat hir gelongen. Och wann et Eenzele net gepasst huet. Mir kënne net jidderengem et gutt maachen, mä mir wëllen esou ville Mënsche wéi méiglech hiert Liewe verbesseren, si weiderbréngen, hire Wuelstand erhéijen, hire Choix méi grouss maachen, hir Chancen erweideren. Mir kënnen a wëlle net jidderengem gefalen. Mir wëlle fir déi gréisst méiglech Zuel vu Mënschen zu Lëtzebuerg déi Partei sinn, där si kënne vertrauen.

**Mir positionéieren eis an der Mëtt. Dat ass keng Enthalung, fir riets a lénks ze vermeiden – et ass d'Iwwerwannung dervun. Mir baue Brécken, keng Grief.** Nëmmen an der Mëtt kann ee Vollekspartei sinn, wéi mir et wëlle sinn – mam Usproch, eng Politik ze beschreiwen an ëmzesetzen, déi vun enger Majoritéit vun der Gesellschaft kann akzeptéiert a guttgeheescht ginn. Esou eng Politik ka nëmmen eng vun de kloren Aussoe sinn. Et muss eng Politik sinn, déi d'Realitéit vun elo beschreift, an déi besser Alternativ derzou formuléiert, fir eis alleguer. Wann dat Eenzeler stéiert, stéiert dat eis net. Mir sinn ebe keng Partei vun de Partikularintressen, mee eng, déi eenzeg an eleng dem Gemengwuel déngt. Eis intresséiert net, wéi een eppes géint een anere kann erreechen, mee wéi mer alleguer zesumme méi kënnen erreechen.

Mir stinn an der Traditioun vun enger Partei, déi laang regéiert huet. Elo maache mer dat an der zweeter Legislaturperiod hannereneen net méi. Dat ass schwéier, well et entsprécht net der Natur vun eiser Partei. Mir sinn eng Partei vun der Verantwortung. Nëmmen an der Regierung kann een se wierklech iwwerhuelen. A fir nees duer ze kommen, musse mer weisen, datt mer dozou prett a fäeg sinn.

**Dofir ass d'CSV net einfach eng Oppositiounspartei. Mir sinn eng Partei, déi zur Zäit an der Oppositioun ass. Mir sinn d'Partei vum Pierre Werner, deen och eemol eng Legislaturperiod an der Oppositioun huet mussen duerchhalen, fir duerno gestäerkt erëmzekommen.** Eisen Usproch ass et, dem Land an de Leit ze weisen, datt mer grad net op eiser Plaz sinn. Datt mer kënne regéieren, an datt mer nees wëlle regéieren. Duerfir musse mer weisen, wéi mer géife regéieren. Duerfir musse mer duerleeën – an dat gëtt vun eis erwaart - wéi mir anescht a besser géife regéieren.

D'CSV an der Oppositioun däerf keng Partei sinn, déi de Sträit sicht, nërgelt a permanent alles a Fro stellt. Mir hu laang regéiert a wëssen, datt dat keen einfacht Geschäft ass. Duerfir kënnen a wëlle mer net stänneg alles a Fro stellen, wat anerer maachen, déi grad regéieren. D'CSV an der Oppositioun ka fir d'Regierung och e Partner sinn, grad wann et ëm de gesondheetlechen Interêt vun eis alleguer geet. Mir si keng Fundamentaloppositioun. Mir géifen esou eppes net wëllen, wa mer géife regéieren, also däerfe mer et net praktizéieren, wärend mer opponéieren. D'Leit erwaarde vun der CSV Äntwerten, déi iwwerzeegen, net Froen ouni Enn.

D'Aart a Weis, wéi d'CSV Oppositioun bedreift, konditionéiert integral eis Relevanz an der ëffentlecher Meenung. Also ass et fir eis eng Fro vun existenzieller Bedeitung: fir wéi eng Politik steet d'CSV, fir wéi eng Inhalter steet d'CSV, wéi en Oppositiounsbehuele leet d'CSV un den Dag? All Partei, déi sech mat der Oppositiounsroll net zefridde gëtt, ka nëmmen aus der Oppositioun erauskommen, wa se d'Leit dervun iwwerzeegt, datt si déi besser Regierung wier – oder am koalitiounsgewinnte Lëtzebuerg, datt si déi besser Regierung kéint féieren. Dat ass eben den Ënnerscheed tëschent enger Oppositiounspartei an enger Partei

an der Oppositioun.

Aus menge Gespréicher bannent der Partei weess ech: d'Membere vun eiser Partei wëlle keng Fundamentalopppositioun. Ech selwer wëll se och net. Fir et un engem konkrete Beispill festzemaachen: esou schlecht verfaasst a lacunaire d'Covid-Texter vun der Regierung och sinn, mir kënne net géint een Text stëmmen, dee Moossname virgesäit, déi mir prinzipiell och wëllen. Mir kënnen iwwerhaapt just géint Texter stëmmen, wa mer kloer alternativ Haltungen hunn an déi och dokumentéiert hunn. A mir kënnen eis net permanent hanner "feelenden Informatioune" verstoppen. Déi Oppositioun, déi ech mengen, besuergt sech hir eegen Informatiounen an dokumentéiert sech esou, datt se kann hiren alternativen Entworf glafwierdeg virdroen.

## Situatiounsbestëmmung

Wou sti mir als Partei Ufank 2021? Et sinn, nom Kongress vum 24. Abrëll 2021, nach ronn zwee Joer bis zu de Gemengewalen, an en halleft Joer weider bis zu de nächste Chamberwalen. Deen Zäithorizont ass etabléiert. En impliz éiert, datt d'CSV am Fong muss Enn 22, Ufank 23, « en ordre de marche » sinn. Fäeg zu enger Campagne (oder zwou, wéi dat agencéiert gëtt, muss decidéiert ginn), fäeg ze iwwerzeegen, fäeg ze wannen an ze regéieren. Dat heescht: nom Kongress am Fréijoer 2021 hu mer nach annerhalleft Joer, fir d'Partei walfäeg ze maachen. Dat ass méiglech – awer net, wa mer weider esou operéieren, wéi déi lescht zwee Joer.

Am Januar 2019 hu mer eng nei Equipe un d'Spëtzt vun der Partei gewielt. Dat hat och dee Grond – besonnesch d'Resultat vun der Wal vum President – datt eng Majoritéit vun Delegéierte wollt, datt d'Partei op aner Manéier géif geféiert ginn, wéi bis dohinner. Tatsächlech huet d'CSV iwwer déi zwou Walen 2013 an 2018 ronn 10 Prozentpunkte verluer.

Deen Trend no ënnen huet sech spéitstens no der Wal 2018, iwwer där hiert Resultat an déi entspriechend Regierungsbildung kaum nach een an der Gesellschaft sech opgereegt huet – e krasse Konterpunkt zur ëffentlecher Meenung fënnef Joer virdrun – festgesat. D'Rechnung vun der Dräierkoalitioun war amgang opzegoen. D'CSV sollt an Zukunft eng Partei wéi all déi aner sinn, déi een an eng Regierung mathëlt oder och net, wéi anerer grad Loscht hunn.

An der aktueller Situatioun muss d'Partei als sollech wierken, si muss sech opstelle fir Walen, si muss Kompetenzen an Talenter entdecken, erbäibréngen a fërderen, si muss de politesche Message artikuléieren, bref: si muss liewen.

**No der Europawal 2019 hu mer eng grouss Mobiliséierung vun der Partei an Ugrëff geholl. Déi Mobilisatioun vum Summer 2019 bis de 29. Februar 2020 – den Dag vun eisen éischte Gemengenassisen an och deen Dag, op deem den éischte Corona-Fall zu Lëtzebuerg opgedaucht ass – huet der Partei neit Liewen agehaucht.** Honnerte vu Leit hu sech bedeelegt, un erweiderte Sëtzunge vun de Bezierkskomiteeën, un den oppene Regionalversammlungen, un der Virbereedung an der Duerchféierung vun eisem Kongress zu Rodange am November 2019, wou mer eis eng nei Ausriichtung a Saache Klima a Nohaltegkeet verschriwwen hunn.

Eist Erscheinungsbild huet sech verbessert, eis eege Leit hate nees Loscht op Engagement, an dat huet bei der Sonndesfro um Joresenn 2019 zu folgender Situatioun gefouert:




D'CSV hätt sech par Rapport zu hirem Walresultat am Oktober 2018 ëm ee gudde Prozentpunkt verbessert a nees iwwer 30 Prozent geleeën. Op där Situatioun géif sech opbaue loossen. Ech mengen och nach ëmmer, datt sech dorop opbaue léisst – just musse mer elo den Opbau vun deene 25,5 Prozent maachen, déi mer nom leschte Sondage nach hunn. Duerfir misste mer allerdéngs eisen aktuellen Zoustand transzendéieren. Parteimobiliséierung ass an enger Situatioun wéi där, an där mir eis befannen, dat eenzegt Mëttel, wat effikass ass. Déi ass awer – esou wéi iwwerall – zënter Mäerz 2020 kaum nach op déi klassesch Aart a Weis méiglech. Eis Memberen hu begeeschtert matgemaach, wéi mer eis 2019 a grousse Ronnen iwwer d'Zukunft ënnerhalen hunn. Déi Ronne konnte mer leider net weiderféieren.

An dach besteet d'Mobiliséierungspotenzial weider. **Déi fënnef Aarbechtsgruppen, déi am Hierscht 2020 agesat goufen, hunn iwwer 200 engagéiert Parteimemberen ugezunn.** Dës Gruppen hu sech intensiv zesummegesaat, an dat, wat elo schonn u Reflexiounen a Propositiounen um Dësch läit, indiquéiert, datt et eis ëm Inhalter an Träger dervun net muss baang sinn. Et ass elo net de Moment, fir de Konklusioune vun den Aarbechtsgruppe virzegräifen, mee mir däerfen elo scho soen: d'Diskussiounsbereetschaft an eiser Partei ass grouss, d'Opgeschlossenheet fir Alternativen zu eisen ale Pied a Weeër ass do, **de Wëllen zu enger Afrostellung vun engem Habitus, mat deem mer zënter 2013 net méi wannen, besteet.**

Ech wëll an dëser Situatioun de Memberen an den Delegéierte vun der CSV eng Offer maachen. Ech wëll eng Propos maachen, vun enger Politik, vun enger Method, vun engem Erscheinungsbild. Esou, wéi virun zwee Joer am Fong och schon. Dës Kéier geet et em méi. Et geet em d'Substanz vun eiser Partei. An d'Decisiounen de 24. Abrëll si näischt manner, wéi Decisiounen iwwer déi CSV, déi mer wëllen. Ech wëll kloer beschreiwen, wéi eng CSV ech wëll. No 26 Joer Memberschaft, an 20 Joer aktivem politeschen Engagement op verschiddene Fronten.

Et gi verschidde Meenungen iwwer d'Ausriichtung vun eiser Partei. Ech wëll net, datt mer eis allgemeng selwer kleng maachen, andeems mer eis Aspiratioun op "nees derbäi sinn" reduzéieren. Ech géif gären eng Partei féieren, déi selwer wëllt féieren. Eng Partei, déi d'Ambitioun, d'Kompetenz, d'Talent an d'Gesellschaftskompatibilitéit huet, fir eng Regierung ze bilden, amplaz just matgeholl ze ginn.

**Ech wëll net, datt mer eng Partei vun der Belibegkeet an der Orientéierung ginn. « Mëtt » ass keng Ersatzdrog fir eng Partei op Inhaltsentzuch.** Et ass e politeschen Usproch, deen duerch Inhalter a Positioune vu grondsätzlech majoritärer Akzeptéierbarkeet muss gestäipt ginn. Wien d'Mëtt wëllt sinn, muss d'Ränner kennen. E muss awer virun allem Prinzippien hunn.

## Eng Partei fir Lëtzebuerg.

**D'CSV steet fir de Lëtzebuerger Dram.** Dat ass den Dram vun esou ville Bierger, fir sech selwer am Liewen ze etabléieren, sech mat hirer Famill kënnen ze entwéckelen, an an der Gesellschaft ze wuessen. Duerfir wëllt ee verstänneg wunnen, ouni datt dat déi eng alles bestëmmend grouss Depense vum ganze Liewen ausmécht. Duerfir wëllt een eng fair Chance an der Schoul an um Aarbechtsmaart, an d'Fräiheet vum Choix vun engem senger familiärer Organisatioun. Duerfir wëllt ee schaffen, eppes leeschten an opbauen, an dës Leeschtung muss leeschtbar sinn. Wee sech net éierbar ka logéieren, wann et lassgeet, dee verléiert Loscht un der Zukunft.

Dës Loscht wëlle mir de Mënschen erëmginn. Mir wëssen: et gëtt näischt fir näischt. **Eis politesch Offer ass eng, déi deem Bierger, dee schafft a Verantwortung iwwerhëlt, och eng gerecht Participatioun um Wuelstand garantéiert. Och deene Mënschen, virun allem hinnen, déi net vill hunn, wa se ufänken.**

De Kader vun allen Iwwerleeungen an dësem Dokument ass déi Gesellschaftskris, an där mer eis wéinst dem Coronavirus befannen. An enger Zäit, wou déi ganz Gesellschaft, jenseits vun allen Differenzen, eigentlech gär dee Virus meeschter a lass géif, deen eist Liewen elo schonn ee ganzt Joer laang bestëmmt, sollte mer dee Beweis erbréngen. Fir et kloer an däitlech ze soen: an esou enger Situatioun bekämpfe mer all zesummen de Virus, a net d'Regierung. Dat ass d'Noutwennegkeet vum Moment. Doriwwer eraus verännert dee Virus eist ganzt Zesummeliewen als Gesellschaft esou, datt ee ganz neie Politikentworf fir déi nächst Joere néideg ass. **Mir kënnen eis definitiv net méi um Walprogramm vun 2018 festkrämpen.**

De Virus ass esou vill Katalysator vu gesellschaftlechen Entwécklungen, wéi en der selwer bewierkt. Jo, hien zwéngt eis an eng konstitutionell Suboptimalitéit, well en d'Ausübung vu bestëmmte Rechter wärend zimmlech laanger Zäit aschränkt. Mee e weist eis och, datt et vläicht un der Zäit wir, fir verschidde Problemer vun eiser Zäit nei ze bewäerten.

Grad de Virus eegent sech gutt als Ophänker fir eng grondsätzlech Froestellung, an zwar: wat sinn eis politesch Methoden? Wéi leeë mer eis op politesch Positioune fest?

Mir mussen et fäerdeg bréngen, zu alle wesentlechen a grondsätzlech relevanten Themen, eis Festleeungen an de Gremie vun der Partei ze maachen an se och entspriechend ze kommunizéieren. Et muss gemaach ginn, wa mer eisen aktuellen Zoustand wëllen iwwerwannen.

D'CSV ass, wéi mer et stänneg an der Wourecht entspriechend affirméieren, eng grouss Vollekspartei. De President Marc Spautz sot um Kongress zu Mutfert a senger Abschidsried : d'CSV, dat ass keng Fraktioun a kee Nationalkomitee, d'CSV, dat si mir alleguer. Domat ass alles gesot an den Optrag kloer formuléiert. **Mir mussen d'Partei eise Memberen erëmginn. Et si si, déi se um Liewen halen, et si si, déi se an all Uertschaft vum Land, an de Veräiner, an de Famillje siichtbar maachen. Hire Bäitrag muss gehéiert, hire Wëlle respektéiert ginn.** Dat kënne mer haut mat allen digitalen Optioune besser maachen, wéi nach virun e puer Joer. An et ass dréngend, all Méiglechkeeten ze notzen, fir eise Memberen d'Wuert ze ginn.

Wa mer nees wëlle regéieren, da brauche mer ee grousse Projet. Een, dee gedroe gëtt vun der ganzer Vollekspartei CSV. Dat ass keng Saach vun e puer Mandatairen an Deputéierten.

**Dat ass keng Saach vun Dosenden. Dat ass eng Saach vun Dausenden.**

Eis Saach ass eng, déi nëmmen da kann iwwerzeegend vermëttelt ginn, wann eis Memberen dat matmaachen. Duerfir mussen si matgeholl ginn. Duerfir mussen si de Projet mat ausschaffen. Duerfir musse mer hiren Engagement iwwerall am Land eescht huelen, hir Uleies, hir Suergen, awer och a virun allem hiren Enthusiasmus, fir déi richteg Saach ze streiden. Dat geet net, wa mer um héchste Parteiniveau mat eis selwer streiden.

## E Projet fir Lëtzebuerg

D'CSV muss wëlle féieren. Derbäi sinn ass keng Ambitioun, déi eiser Traditioun an eiser Leeschtung gerecht gëtt. Eng Partei ewéi eis stellt sech der Schluecht mat der Ambitioun, se ze gewannen. Wann d'Schluecht geschloen ass, akzeptéiere mir d'Resultat. Esou huet et missen 2013 an 2018 sinn, wéi ouni eis Regierunge gebild goufen. **Mir däerfe net plangen, 2023 déi zweet Gei ze spillen.**

Dee Projet, dee mer brauchen, fir nees eng féirend Roll ze spillen, existéiert haut net. Ëm déi Feststellung komme mer net rondrëm. **Esou ee Projet muss entwéckelt ginn, bannent däer Zäit, déi eis bis Ufank 2023 bleift. Et muss en ëmfaassende Projet sinn a gläichzäiteg ee fokusséierten.** Et musse e Projet sinn, dee sech a groussen Dimensiounen artikuléiert, an dee konkret erfaassbar ass.

**Den Detail vun der Verwaltungsaarbecht ass net Géigestand dervun. Mir hunn eis ze laang am Detail veriert an domat de Bléck op déi grouss Zesummenhäng verluer.**

Esou ee Projet ka grad d'CSV entwéckelen, well se aus dem Fundus vun der chrëschtlecher Soziallléier ka schäffen, an hir sozial Agenda ka glaafwierdeg deklinéieren. D'CSV ass d'Partei vun all de Leit, mee si dréit besonnesch Suerg fir déi, déi Ënnerstëtzung brauchen. Net a Form vun Oofhängegkeeten, mee vun enger Stäip, vun enger Hand, déi hëlleft – an enger Konzeptioun vum Staat, deen all seng Bierger schützt. Viru Krankheet a Gewalt, awer och viru materiellem Misère a sozialem Verdross.

Et ginn e puer wesentlech Themen, op deene mer eis musse fir déi kommend Joeren positionnéieren. Themen, déi eis Matmënsche beweegen, Froen, op déi si gäer eng Äentwert hätten. Eis Aufgab ass et, zesummen dës Äntwerten auszeschaffen an ze liwweren. An zwar vun elo un.

### 1. Léieren aus der Pandemie

D'Covid-Pandemie huet eist Land mat sech selwer konfrontéiert. Bis elo si mer duerch eng reaktiv Politik verstänneg gutt mat deem Virus eens ginn, an d'Situatioun ass ni komplett aus der Hand gerëtscht. **Mee mir wëssen haut, datt d'Resilienz vu Lëtzebuerg a senger Gesellschaft muss verstäerkt ginn.** Mir wësse net, wéini déi nächst Pandemie eis trëfft, mee genee esou wësse mer net, ob mer net eng Kéier vun engem groussen Akzident oder soss enger Katastroph getraff ginn. Duerfir musse mer Handlungskapazitéite schafen.

**Eis Ofhängegkeet vum Ausland am Gesondheetsberäich ass immens grouss. Dat däerf sech net nach accentuéieren, et muss eigentlech eng géigendeeleg Entwécklung ugestrieft ginn.** Spidolskapazitéite mussen zousätzlech erschloss ginn, esou datt mer se kënnen aktivéieren, wa mer se brauchen. Dat verlaangt politesch Decisiounen. Mir mussen eis Katastropheplanung iwwerdenken, eis ëmfaassend op Krise virbereeden. An ëffentlech driwwer schwätzen. **Och doriwwer, wat mer als Gesellschaft ze leeschten a wourop mer ze verzichte bereet sinn, wann et eescht gëtt – wéi am Covid-Lockdown.** Froe vu Rechtsstaatlechkeet mussen och beäntwert ginn – an do ass kloer, datt kee Recht a keng Fräiheet existéiert, déi net däerften zäitweis ageschränkt ginn, wann d'Liewe vun de Mënsche muss geschützt a gerett ginn.

E wesentlech Constat aus der Covid-Kris ass: **eis feelt e Pandemiegesetz**. Dës Pandemie riskéiert, net déi läscht gewiescht ze sinn. Eist Land ass reglementaresch a logistesch hannendran.

Mir mussen eis opstelle fir gréisser medezinesch Krisen, an dat geet net, wann all Spidol mécht, wat et wëllt, all Gemeng gebiede gëtt, eleng eens ze ginn, a Schoulen hir eege Reegelen applizéieren – woubäi verschidde privater fannen, si wiere vun de staatlechen Orientéierungen net betraff. Hei mussen et eenheetlech gesetzlech Festleeunge ginn. **Mir brauchen dofir e Pandemiegesetz wat den Handlungsspillraum vun der Exekutiv kloer definéiert an en effiziente Krisemanagement am Aklang mat den demokratesche Spillreegelen erlaabt.** Mir mussen och eng kloer Strategie fir d'Mobiliséierung vun humanen a materielle Ressourcen entwéckelen.

Zu där Opstellung aus der Covid-Kris eraus gehéiert eendeiteg eng Generaliwwerhuelung vun eisem ganze Gesondheetssecteur. Et ass net dauerhaft ze akzeptéieren, datt eist eegent qualifizéiert Personal eis fortleeft, wärend mer ëmmer méi vu Personal aus dem Ausland ofhänken – beim Fleegepersonal an den Infirmieren, awer och bei den Dokteren. Mir hu keng Strategie, mir hu kee Plang, mir hu keng Uluecht fir ee Secteur, dee net méi operationell wier, wann d'Grenzen zougéingen. An dee riskéiert, et och mat oppene Grenzen an enger Generatioun net méi ze sinn, well mer dramatesche Personalmangel op alle Pläng wäerten hunn. Et ass och engem Gesondheetsminister seng Missioun, déi Zukunftsaufgab an de Grapp ze huelen – an eis Aufgab ass et, déi entspriechend Virschléi mat Nodrock virzedroen. **Gesondheetspolitik muss eng vun de politeschen Top-Prioritéite vun der Zukunft ginn, an allen Dimensiounen: dozou gehéiert déi physesch grad esou wéi déi mental Gesondheet vun de Mënschen.** Esou eppes kascht. A wa Geld net onbegrenzt do ass, da musse Prioritéite gesat a Choixen getraff ginn. Do kann eis Partei sech kee schlanke Fouss maachen: mir musse soen, wat mer wëllen. A wa Gesondheet méi kascht, da mussen aner Saache vläicht eppes manner kaschten.

D' Covid-Kris huet och en dramatesche sozialen a mënschlechen Impakt. **D'Vereinsamung vu deenen Eelsten an der Gesellschaft ass en eeschte Problem.** D'Pandemiekris huet gewisen, dat déi eeler Leit net nëmme gesondheetlech déi fragilsten an eiser Gesellschaft sinn, mä och déi, déi am meeschten ënnert dem Elengsinn leiden. **A mir musse leider feststellen, datt onofhängeg vu Pandemie a Lockdown-Mesuren vill vun hinnen ze vill eleng sinn, an doru leiden.** Eis Gesellschaft huet eng Verantwortung géintiwwer vun dëse Leit, net nëmmen materiell a medizinesch no hinnen e kucken, mä och fir mënschlech Wäermt ze suergen.

Genee sou bedenklech ass déi séilesch Détresse vun deene Jonken. Op dem aneren Enn vun der Generatioune-Skala sti Kanner a Jugendlecher. Och si si vun de Covid-Mesuren an deem stännegen Hin-an Hir affektéiert. An enger Zäit vum Liewen, wou ee sech soll fräi kënnen entwéckelen, si si confinéiert. Vill vun hinne ginn domadder net eens. Vill riskéieren de schouleschen Uschloss ze verpassen. Et ass wichteg

kee falen ze loossen an och de Schoulbetrib dorop hin auszeriichten woufir d'Schoul eigentlech geduecht ass : jidderengem d'Méiglechkeet ze ginn dee Bagage vu Bildung oder Ausbildung ze hunn, deen hinnen et erlaabt hiert Liewen ze meeschteren.

**Mir stellen och fest, datt Kanner- a Jugendpsychiatrie bzw. Psychotherapie an eisem Land net wierklech gutt opgestallt sinn.** An engem vun deene räichste Länner op der Welt ass dat eigentlech net normal. Mir mussen dat eescht huelen, well si sinn d'Bierger vu muer.

E weidere grave Problem, deen endlech muss ganzheetlech ugepaakt ginn ass dee vum **Suicide**, deen nach ëmmer e gesellschaftlechen Tabu ass. D'Fro, déi mer eis all musse stellen: wéi kann et sinn, datt an enger vun de materiell bescht gestallte Societéiten vun der Welt souvill – iwwerproportional vill – Mënschen decidéieren, sech d'Liewen ze huelen? **Wéi kann ee Mënsch, besonnesch ee Jonken, esou verzweiwelt sinn, datt en um an am Liewen an dësem räiche Land näischt méi fënnt, wat d'Liewe géif liewenswäert maachen?** Déi offiziell Zuelen – ouni vun der Donkelziffer ze schwätzen – vu Suiciden hei am Land, sinn erschreckend. Mir musse mam Suicide oppen an offensiv ëmgoen. Mir maache vill, fir Mënscheliewen am Covid ze retten. Mir mussen als Gesellschaft och hei alles maache fir Liewen ze retten.

Och aus dem wirtschaftlechen Impakt vun der Covid-Kris musse mir d'Léieren zéien. Mir brauchen e resolute Plang fir de Betriber an Independanten aus der Kris erauszehëllefen. Vill vun hinne wäerten op der Streck bleiwen. **Mir mussen eis d'Moyenen ginn fir datt d'Pandemie, déi souvill Mënscheliewen gefuerdert huet, lo net och nach d'Stierwen vun eise Betriber an de Bankrott vun de Betribsgrënner mat sech bréngt.** Eis Ekonomie géing dat schwéier verkraaften, eis Gesellschaft och. Dofir gëllt et lo begleedend Moossnamen ze huelen a virun allem net mat der geballter Kraaft vun der Bürokratie dee leschte fatale Coup ze ginn. Zudeem musse mer de sozialen Encadrement vu fräiberufflech Schaffenden iwwerdenken, vun deenen der vill an enger Kris wéi dëser duerch de soziale Raster falen.

Doriwwer eraus musse mer de rechtleche Kader verbesseren **an e richtegen « Droit des entreprises en difficulté » aféieren, an deem d'Betriber bei der éischter Schwieregkeet net resolut an d'Faillite gedriwwe ginn.** Eis Gesetzgebung an dësem Beräich ass nach ëmmer essentiell repressiv ausgeriicht. An all Reformprojeten, déi bis elo um Dësch louchen, sinn nach ëmmer an dësem Geescht redigéiert. Or, den Impakt vun enger Faillite ass verheerend, ënnert anerem fir Clienten a Fournisseuren, deenen näischt bleiwt wa staatlech Verwaltungen sech bis zerwéiert hunn. **Eng Entreprise, déi zu Gronn geet, verursaacht e Schued, dee net nëmmen déi trëfft, deenen si gehéiert huet.** Dofir sollt déi logesch Konsequenz, an déi eenzeg ekonomesch raisonnabel Approche sinn, Faillitten fréiestméiglech ze verhënneren (also Präventioun) a Betriber déi a Schwieregkeete sinn beschtméiglech ze encadréieren.

## 2. Land a Gesellschaft: d'Leit beienee féieren

Ee vu menge groussen Uleies ass eng reegelrecht Sozialagenda fir Lëtzebuerg. Dat bedeit, datt mer mussen all Mënsch an der Gesellschaft versichen, ze erreechen, en anzebannen an e matzehuelen. **Mir haten emol de Slogan "Jidder Eenzelen zielt". Genee sou ass et. All Mënsch ass gläich un Dignitéit. Mee net all Mënsch fillt dat a sengem deegleche Liewen.** Materielle Verdross, sozial Vereinsamung, e Gefill vun Ausgeschlossenheet maache ville Mënsche Misär. Dat gëtt da net besser, wann sech e normaalt Liewen zu Lëtzebuerg esou lues nach virun allem em d'Fro dréit, wéi ee seng Wunneng ka bezuelen. Vill Mënschen hunn ewell der offizieller Gesellschaft de Réck gekéiert. 15, 20 Prozent vun de Mënschen am Land erwaarden sech näischt méi vun der Politik an der Demokratie, well sech un hirer gefillt schlechter

Situatioun ze laang näischt verbessert huet, fir datt se nach der Demokratie an hire Parteie géife vertrauen. Dat ass dramatesch. Dat däerf net esou bleiwen.

**Integréieren an der Gesellschaft heescht: jidderengem eng Plaz ginn, mat där e kann zefridde sinn.** Iwwerhaapt, Zefriddenheet: déi Gréisst gëtt net an Zuele gemooss, mee ass fir d'Wuelbefanne vun der Gesellschaft méi wichteg, wéi all ekonomesch Statistik. Ee Mënsch, deen emol fält – an ee Fall riskéieren der am Moment vill – wëllt wëssen, datt en opgefaange gëtt a nees op d'Bee gestallt. Dat ass awer net esou, wann een zum Beispill no enger Faillite fir säi Liewe gezeechent bleift. Ee Mënsch, deen eng schlecht Phas huet, wëllt aus där eraus a rëm besser liewen. Dat geet awer net, wann en dann aus sengem Appartement erausgesat gëtt, well e keen CDI mat ausreechender Pai ka virweisen. Där Fäll si vill. Si all verdéngen et, datt mir eis fir si intresséieren, an de mënschleche Verdross eescht huelen. **Sozialagenda heescht net méi Zouwendunge fir déi eng a méi Steiere fir déi aner. Et heescht, eis Gesellschaft esou nei justéieren, datt jiddereen säi Liewen an Dignitéit ka packen. Och wann e méi wéi eng Kéier Hëllef brauch.**

Mir hunn eng Gesellschaft, an där et net méi vill Interaktioun tëschent de verschiddene Gesellschaftsschichte gëtt an déi sozial Mixitéit ëmmer manner Realitéit ass. Mir gesinn, datt de Gemeinschaftssënn zugonschte vun Individualismus an Egoismus ofhëlt a Staatsverständnis a Biergersënn net méi staark present sinn. Mir sinn e Land, an deem eng staark Immigratioun gëtt an d'Integratioun e wesentlechen Enjeu fir d'Zukunft ass. E Land, an deem d'Méisproochegkeet ëmmer méi zu Verstännegungsschwieregkeete féiert, den "Décrochage scolaire" weider zouhëlt a ville Jonken hir beruflech Perspektiven a Fro stellt. **Mir hu sechsstelleg Zuele vu Leit bei eis am Land, déi net Lëtzebuerger, oder nei Lëtzebuerger sinn. Wéi kënne mer hir Integratioun optimal färderen a sécherstellen?**

**All Mënsch ass zu Lëtzebuerg wëllkomm. Dat war esou, dat ass esou an dat soll esou bleiwen. Fir wëllkomm ze sinn, brauch ee keng spezifesch Nationalitéit, a fir hei ze liewen an sech ze entfalen, och net.** Besonnesch eis Nationalitéit gëtt mëttlerweil an engem Rhythmus verginn, dee Froen opwerft. Net zulescht sollecher vun der **politescher Integratioun vun all deene Leit, déi Lëtzebuerger ginn, domat zur Wal net nëmme berechtegt sinn mee ebe verflicht, an déi vun der Lëtzebuerger Politik esou wäit ewech sinn, ewéi si vun hinnen.** Mir mussen eis ëm déi Leit këmmeren, se kenneléieren, se mat eisem Message erreechen, deen duerfir och muss konsequent a méi Sproochen deklinéiert ginn, well zu dësem Moment Zéngdausende vu Wieler dës Sprooch net esou kennen a kënnen, datt se mam politeschen Diskurs op lëtzebuergesch eens kéinte ginn. Eis Aarbechtsgrupp "Integratioun" ass do am Gaang, konkret Propositiounen ze elaboréieren.

Mir mussen eis froen, ob et wierklech gutt a richteg a sënnvoll ass, datt all Joer ronn 10.000 Leit eise Pass kréien. 30 Leit pro Dag gi Lëtzebuerger, dacks nodeems se an iergendengem Cours d'Method fir den Examen an eiser Sprooch bäibruecht kréien, ouni d'Sprooch selwer an iergend enger Form ze léieren. Dat kann net esou bleiwen. An der Mëtt wëllen ze stoen, heescht, der Gesellschaft nees eng Mëtt wëllen ze ginn – an dat geet just ronderëm eis Sprooch an eng Integratioun zu Lëtzebuerg, déi op hir baséiert – **et gëtt keng besser Integratiounssprooch zu Lëtzebuerg.** Dee laissez-faire, deen aktuell bedriwwe gëtt, féiert ganz séier zu engem Kommunitarismus, deen d'Grondlage vun eisem Zesummeliewe riskéiert, a Fro stellen.

**D'Acquisitioun vun der Lëtzebuerger Staatsbiergerschaft muss u méi stringent Critèren vu Beherrschung vun der Sprooch a Wëssen iwwert d'Land a seng Wäerter gebonne ginn, well Integratioun zu engem gudden Deel iwwert d'Sprooch funktionéiert.** Dofir musse mir eis Sprooch eescht huelen an hir dee Stellewäert ginn, dee se verdéngt. Nëmme sou wäerten och Zouwanderer an Nei-Lëtzebuerger

d’Sprooch als wichteg ugesinn. D’Schoul huet an deem Kontext sécher och eng wesentlech Roll ze spillen.

E weidere Punkt iwwert deen ze schwätze wier, ass dee vun der **Schafung vun engem fräiwëllege nationalen zivillen Déngscht**, wéi e beispillsweis a Frankräich scho besteet an an aneren europäesche Staaten diskutéiert gëtt. Zu Zäiten vum obligatoresche Militärdéngscht hu jonk Männer aus allen Deeler vun der Gesellschaft wärend engem Joer vun hirem Liewen zesummen hirem Land gedéngt. Si si wärend dëser Zäit aus hirem vertrauten Ëmfeld erauskomm a hu sou eng aner Realitéit vu hirem Land erlieft. Zanter der Ofschafung vun der Conscriptioun ass dës Platz vun der Begéinung vu Leit mat ënnerschiddlechem Background ronderëm eng gemeinsam Missioun am Déngscht vun der Allgemengheet verschwonn a gouf och duerch keng aner Form vu Mateneen ersat.

Et wier haut wuel opportun, eng Form vun nationalem zivillen Déngscht ze schafen, wou jonk Mënschen d’Méiglechkeet kréien gemeinsam eng Missioun am Déngscht vun der Allgemengheet auszeféieren a wou se och vermëttelt kréien wat hire Staat ass a wat hir Roll als Bierger bedeit.

Mir géifen sou eng Méiglechkeet schafen, datt sech Jonker am Kontext vun engem gemeinsame Projet géife begéinen, déi dat ënnert aneren Ëmstänn warscheinlech net gemaach hätten. Et wier en « Tool » fir  jonke Leit méi no ze bréngen wat et konkret bedeit Bierger vun engem Land ze sinn a wat de « bien commun » ass. Et wier och eng Méiglechkeet Jonken, déi am Échec scolaire sinn, nei beruflech Perspektiven ze ginn. Ausserdeem wier et fir en Immigratiounsland wéi eist eng Opportunitéit fir duerch eng gutt Integratioun déi sozial Kohesioun ze stäerken.

Fir allen Awunner vum Land, egal vu wou se hierkommen, eng méi kloer Méiglechkeet vun der politescher Participatioun ze ginn, kéinte mer och iwwer e **strukturéierte Biergerdialog** nodenken, wéi en a verschiddene Länner mat Erfolleg praktizéiert gouf a gëtt. Duerch Lous ausgewielten Awunner vum Land fannen sech zesummen an diskutéieren Themen, mat deenen déi politesch Institutiounen sech uschléissend musse befaassen. Esou entstéing een Instrument, fir de Mënschen hir Uleies sécher op der politescher Agenda ze hunn, a si selwer, onofhängeg vun hirer Nationalitéit, an d’Bestëmmung vun dëser Agenda anzebannen. Esou ee Biergerdialog mat formellem Biergerrot besteet an eiser direkter Noperschaft, an der Däitschsproocheger Gemeinschaft vun der Belsch, an d’Erfarungen dermat si séier intressant fir all Bedeelegter.

## 3. Wuesstem steieren a gestalten : raus aus der Wuesstemsfal

Eng Gesellschaft déi net wiisst ass eng Gesellschaft déi stagnéiert, an um Enn rutscht se of. Also brauch ee Wuesstem, awer an enger Form déi der Gesellschaft méi Notzen ewéi Problemer bréngt. Dofir muss eis Äntwert sinn : **Wuesstem jo, mä net zu all Präis.** An der aktueller Form hu mer mat Kollateraleffeten ze dinn, déi offensichtlech sinn : Drock um Immobiliëmaart an eng domadder verbonnen dramatesch Präisentwécklung, Mobilitéitsproblemer, Infrastrukturen, déi permanent mussen ausgebaut ginn. Et geet also dorëm e raisonnabele Wuesstem ze hunn, deen net zu enger Veraarmung vum Land a vun de Leit féiert

Et gëllt also fir eist Land kloer Ziler ze fixéieren, ze soe wou mir wëllen hin, an ënnert wat fir enge Konditiounen. Dat war schonn e Meta-Thema an eisem Programm vun 2018. En huet an der Tëschenzäit näischt vu senger Drénglechkeet agebéisst.

Mir mussen eis d’Fro stellen, wéi mer wëllen **der Desindustrialiséierung entgéintwierken an och op konsequent Manéier d’Handwierk an handwierklech Betriber férderen**. Mir hunn e Problem mat der

Industrie. Bei all gréissere Projet stellen sech multipel Froen, existéiere sélleg laangwiereg Prozeduren, gëtt et ëmmer méi biergerleche Widderstand. Dat mëscht d'Usiidlung vun neier Industrie net méi einfach. Mir brauchen Industrie, well mer musse selwer produzéieren an och Aarbechtsplazen zur Verfügung kënne stellen, déi sech net just an der Finanzdéngschtleeschtung a ronderëm befannen. A mir musse wëssen: wa bis Betriber d'Impressioun kréien, zu Lëtzebuerg wier een egal wéi net wëllkomm, dann ass eis grondsätzlech skeptesch Haltung geschwënn derfir responsabel, datt och kee méi kënnt. Duerfir musse mer endlech Kriterien opstellen, no deene mer Industriebetriber wëllen, an se kloer kommunizéieren. Ëmmer just Froe stellen an Exigenzen noreechen, bis en Industriellen d'Flemm huet, schued ganz einfach dem Land.

Beim Handwierk muss et zu enger reegelrechter **Groussoffensiv fir handwierklech Ausbildung a professionell Entwécklung kommen.** Jonker, déi sech wëllen als Handwierker etabléieren, mussen dobäi effikass begleet ginn a wëssen, datt dee Risiko, dee si wëllen huelen, Unerkennung an Ënnerstëtzung vun ëffentlecher Säit fënnt. "Trau dech" muss och a besonnesch an deem Beräich eng éierlech Opfuerderung sinn, déi vu konkretem Support gestäipt gëtt.

Mir brauche **wirtschaftlech Innovatioun**. An zwar net just op der Finanzplaz. Mir mussen et fäerdeg bréngen, als Land en Entwécklungspol ze ginn, deen dann och an d'Groussregioun ausstraalt. Mir hunn ugefaangen, mat de Kolleege vun der saarlännescher CDU zesummen, iwwer d'Iddi vu **gemeinsam geréierten Aktivitéitszonen an der Groussregioun** nozedenken. Dee Prozess muss viru goen, och mat deenen anere Partner. Nëmme wa mer d'Groussregioun matentwéckelen, hu mer eng Chance, fir méi Nohaltegkeet an eise Wuesstem ze bréngen, an aus engem méi breede Fundus vu Kompetenzen an Talenter ze schäffen, déi et baussent eise Grenze gëtt – an der Spëtzentechnologie, an industrielle Secteuren, déi mir kaum kennen. A mir mussen Investissementer derfir mobiliséieren.

Duerfir brauche mer steierlech Formullen, mat deene privat Fonge kënne gehuewe ginn, fir esou **Risikokapital** an enger moderner, nohalteger, groussregionaler Innovatiounsekonomie ze generéieren. Mir kënnen ee vun de spannenden Evolutiounspolen an Europa ginn, wou Zukunft haut stattfënnt. Iwwer Lëtzebuerg eraus, awer mat Lëtzebuerg matzen dran. **Dës héich leeschtungsfäeg Zukunftsekonomie bei eis an hei ronderëm muss vu Betriber gedroe ginn, op déi d'Leit zu Lëtzebuerg houfreg sinn an an déi si bereet sinn, mat ze investéieren.**

A schliisslech: Digitalisatioun an Automatisatioun si Realitéiten. Domat fält fir vill manner qualifizéiert Mënschen d'Perspektiv op eng Aarbechtsplaz ewech. Dorëms musse mer eis këmmeren. Och ëm kënschtlech Intelligenz, déi vill human Aarbecht an Zukunft wäert ersetzen - woumat mer souwuel e sozialen, wéi en ethesche Problem hunn, mat deem mer eis dréngend mussen ausenanersetzen. D'Aarbechtswelt vun der Zukunft muss op eis Agenda, a mat hir d'Aart a Weis, wéi ekonomesche Méiwäert erwirtschaft a besteiert gëtt. Dës Problemer stellen sech elo. Mir däerfen se net nach jorelaang ignoréieren.

## 4. E moderne Staat fir d'Zukunft

Mir mussen eise Staat no der Kris nei opstellen. Dofir braucht et eng reell **Staatsreform**; just "Simplification administrative" eleng geet net duer. De Bierger huet Usproch op e gutt fonktionnéierenden Staat an effizient ëffentlech Déngschtleeschtungen. An dat muss alles bezuelt ginn.

De Staatsbudget ass an de leschte siwe Joer vu ronn 13 op iwwer 20 Milliarden gewuess. Siwe Milliarde méi ausginn bedeit, datt och siwe Milliarde méi mussen erakommen. Stéit a Betriber goufen an de leschte Jore

vun de Steierverwaltunge konsequent zur Keess gebieden, Reserve si keng méi do. Dat bedeit, datt mer awer eng Kéier mussen den "train de vie" vum Staat ënner d'Lupp huelen. Mir hunn am Fréijoer 2020 scho musse Geld léine goen, fir d'Staatsgehälter ze bezuelen – dat ass keen Zoustand, dee sech laang hale léisst. Wann ee Betrib dat iwwer länger Zäit mécht, léint en sech an d'Faillite. **Budgetären 'Downsizing' kéint de Wee an d'Nohaltegkeet weisen – a nohalteg mussen och eis Staatsfinanze ginn.** Allerdéngs musse mir kollektiv bereet sinn, Ofstrécher ze maachen. Net fir e "schlanke Staat" ze schafen, mä e fitte Staat, deen handlungsfäeg, effikass an effizient ass. Dofir ass eng Staatsreform e wichtege Bestanddeel.

All Bierger muss Vertrauen an d'Institutiounen kënnen hunn. Mä sinn dës alleguer nach zäitgeméiss? Wuel kaum, well se kommen aus enger anerer Zäit. Et muss een haut de Staat, a seng Verwaltungen kënnen nei denken an sech iwwerleeën ob ee net z.B. ka Verwaltungen zesummeleeën a Prozeduren taktéieren. **Eng Betribsgeneemegung muss et kënnen no ENGER kompletter digitaler Eingab op ENGER Plaz ginn, bannent engem verstännegen Delai, egal wéi vill Verwaltungen sech dann hannendrun dermat beschäftegen.** An esou digital Dossiere kënne nëmme méi komplett agereecht ginn, well den informatesche System se soss net unhëlt. Dat spuert schrecklech vill administrativen Hin an Hier.

De Staat a seng Institutiounen, dat ass och d'Politik. An do musse mer wëssen, datt eise politeschen an elektorale System esou lues muss op de Leescht geholl ginn. D'Bierger wëllen haut net méi déi selwecht Leit wärend Joerzéngten op alle méiglechen Plaze gläichzäiteg gesinn. Déi Zäite sinn ëm. **Mir haten als Partei emol däitlech Virstellungen zum Cumul vun de politeschen Ämter: abee, déi sollte mer elo bekräftegen.** Et drängt sech eng déifgräifend Reflexioun driwwer op, wéi vill politesch Mandater an Ämter, Verwaltungsréit a Syndikater an Zukunft kënne gläichzäiteg a mateneen ausgeüübt ginn. Och am Staatsdéngscht. **Wann ee Spëtzebeamte muss anescht bezuelen, fir datt se net fortlafen, da musse mer doriwwer schätzen, amplaz duerch eng Dose Verwaltungsrotspositiounen de Revenu vun de Concernéierten ze erhéijen. Een Deputéierte muss net och nach eng Gemeng als Buergermeeschter féieren, an ëmgedréit.**

Politeschen Engagement muss ee kënnen a Sécherheet liewen. Duerfir brauch all politescht Amt ee Statut an eng Remuneratioun. Buergermeeschter soll ee kënnen haaptamtlech sinn, domat muss ee Revenu, e Sozialversécherungs- an e Rentenusproch verbonne sinn. Deputéierte soll een d'selwecht sinn, Minister och. All Joer an héische politeschen Ämter kéint Usproch op ee bestëmmte Pourcentage vun deem entspriechende Revenu als Pensioun ginn, déi een dann och kann direkt nom Ausscheeden aus dem Amt bezéien – Kumulregele sollen applizéieren. **Ee Mënsch, deen esou Funktiounen eng bestëmmten Zäit ausgeüübt huet, déi eng oder déi aner, soll kënne vun der politescher Bün oftrieden, wann hien dat wëllt, a net eréischt, wann en de Rentenalter erreecht huet.** Politescht Engagement kréie mer nëmmen dann an Zukunft favoriséiert, wann déi intresséiert Leit eng Perspektiv och vu materieller Sécherheet an deem Engagement gesinn, an eng Chance kréien, och bäizekommen.

**De Walsystem zu Lëtzebuerg muss diskutéiert ginn.** Op alle Niveauen. National musse mer eis d'Fro stellen, ob et haltbar ass, a Bezierker vu ganz verschiddener Gréisst ze wielen, an da plazeweis mussen Dosende vu Kräizer ze maachen, am léifste bei Kandidaten, déi mer iergendwéi « kennen » - an déi, déi grad sou vill kënnen, mee déi awer kee kennt, hu keng Chance. Ee politesche System, dee sech eescht hëlt, favoriséiert « kënnen », net « kennen". Loosse mer mat de Bierger iwwer de Walsystem schwätzen. **A loosse mer och derfir suergen, datt a Gemenge méi laang ka nom Majorzsystem gewielt ginn. Parteilëschte maachen haut a Gemenge vun 3.000 Awunner kee Sënn méi.**

## 5. Sécherheet ass en Deel vun der Fräiheet

Et gëtt oft insistéiert op déi scheinbar Antinomie tëscht Fräiheet a Sécherheet. Mä ouni Sécherheet ass et schwéier all Fräiheeten ze liewen, déi de Staat engem garantéiert. Sécherheet besteet net ausschliisslech aus Repressioun, mä och aus Präventioun, aus enger Politik vun der Previsioun, déi och sozial, urbanistesch a kulturell Aspekter huet.

Dozou gehéiert, datt ee net ka verschidde Platzen, Stroossen oder Quartieren sech selwer iwwerloossen. Do wou eng “Zone de non droit” entsteet, do gëtt et och keng Fräiheet fir de rechtschaffene Bierger. Et ass awer dem Staat seng essentiell Roll, dem Bierger seng Sécherheet an d’Ausübung vun senge biergerleche Fräiheeten a Rechter ze garantéieren.

**Sécherheet a Rou an de Stied a Quartieren ze retabléieren** ass d’Gebot vun der Stonn. Urbanistesch, sozial a kulturell Vernoléissegung vu Quartieren féiert zu hirer Degradatioun, déi an Onsécherheet a Kriminalitéit endegt. Dofir mussen och kommunal Autoritéiten aktiv ginn. Et kann een duerch städtebaulesch Moossnamen a geziilter Interventioun um Terrain villes verbesseren. An Däitschland beispillsweis schafft de Städte- und Gemeindebund un deem wat si „Städtebauliche Kriminalprävention“nennen.

Mir brauchen hei en duerchduechte Plang fir am urbane Raum der Kriminalitéit deen Espace ewechzehuelen, an dem si fir Onuerdnung an Onsécherheet ka suergen.

Mir mussen och **d’Organisatioun vum staatleche Repressiounsapparat** op de Leescht huelen. Wat d’Police betrëfft wier et noutwendeg hir Opstellung, hir operationell Prioritéiten, hiren Déploiement um Terrain, d’Wehrhaftegkeet vun hiren Effectiffen ze hannerfroen a verschidden Aufgaben un aner Verwaltungen oder Organer ze transferéieren. Polizisten dierfe net ee groussen Deel vun hirer professioneller Zäit mat renge Verwaltungsaufgabe musse verbréngen.

Och wat d’Justiz ugeet sollte mir nei Weeër beschreiden, fir der steigender Gewaltbereetschaft an der Gesellschaft entgéintzetrieden. D’Strofjustiz muss a wäiten Deeler méi séier operéieren. Nei Forme vu Strofen, eng Reform vum Jugendstrofrecht, Verschäerfung vun de Sanktioune fir d’Recidive bei verschiddene Forme vu Gewalt – all dëst si Pisten, déi mer sollten exploréieren. **Wee fir d’zweet engem anere Gewalt undeet, muss wëssen, datt en domat sécher am Prisong lant.**

**Och déi kommunal Autoritéiten** hunn an dësem hir Roll ze spillen. Si sollen hir Méiglechkeeten an der ‘Police administrative’ besser ausschöpfen (Reglementer a Requisitiounen). Och eng Klarifizéierung vun hirem ‘Pouvoir réglementaire’ wier noutwendeg fir datt si kënne méi effikass agéieren.

Zu Lëtzebuerg grad wéi an de Nopeschlänner ass d’Drogekriminalitéit dat schlëmmste Kriebsgeschwür wat d’Quartieren onsécher mëscht, Mënschen a ganz Famille ruinéiert. Bei eis ass nach Zäit anzegräifen, awer net méi laang. Et muss elo gehandelt ginn an zwar nom Motto : « aux grands maux les grands remèdes ». Wat mir brauchen ass eng **Null-Toleranz-Politik géint Drogenhandel an déi domat verbonne Kriminalitéit.**

## 6. Klima an Nohaltegkeet

Klima an Nohaltegkeet bleiwen trotz Covid-Kris en Thema vu brennender Aktualitéit. Mir hunn eis als Partei um Ausseruerdentlechen Nationalkongress zu Rodange de 9. November 2019 eng kloer Positionéierung ginn, déi mir musse weider féieren an ausschaffen. Mir hunn eis e.a. dofir ausgeschwat, **d'Klimaneutralitéit als Staatszil** an eiser Konstitutioun ze verankeren. Mir sollten dëst séier ëmsetzen an eis eng ambitiéis Agenda ginn, fir dëser kollektiver Erausfuerderung nozekommen.

Mir sinn a bleiwen och der Meenung, datt d'Mobilitéit zu Lëtzebuerg muss änneren. Awer net, andeems ee matzen an der Pandemie deene schwächsten eng Erhéijung vun 20 Prozent vum Bensinspräis forcéiert. **Déi Leit fueren net zum Spaass, si hunn dacks iwwerhaapt net vill Spaass.** CO2-Neutralitéit muss eng Saach vun der sozialer Gerechtegkeet sinn, soss packe mer se net, an d'Leit wëllen se dann och net.

D'Waasserstoffwirtschaft gëtt vun der aktueller Regierung total vernoléissegt. Fir eis steet fest, datt eng reng Fokusséierung op Elektroenergie a batteriebdriwwe Mobilitéit d'Léisung net ka sinn. Mir sollten eis asetze fir eng konsequent **Färderung vum Waasserstoff** an der Industrie grad esou wéi bei der Mobilitéit. An de Beräicher vun der Logistik an dem pavillon maritime wier hei Pionéieraarbecht ze leeschten. Duerfir gëtt e groussregionale Reseau gebraucht, fir Waasserstoff ze transportéieren, an e konsequenten Investissement an déi "gréng" Hierstellung dervun – dat ass och eng natierlech Aufgab fir eis Kooperatiounspolitik. Déi grouss industriell Nohaltegkeetserausfuerderunge gi mer mat Batterieautoen eleng net meeschter.

Och musse mer eis beschäftege mat de **soziale Konsequenze vum Klimawandel** : et ass e Fakt, datt de Klimawandel och wesentlech sozial Kollateralschied verursaacht. Klengbaueren a –produzenten weltwäit, déi wéineg bis guer net vum Manna vun der Globaliséierung profitéieren sinn déi, déi den héchste Präis musse bezuelen. Fairness am Ëmgank mateneen muss hei am Land gëllen, mee se muss och queesch iwwer de Globus gëllen. **Doriwwer eraus gëllt: méi no bei eis produzéieren, ass bal ëmmer richteg.**

Duerfir brauche mer ee Modell, deen engersäits gerecht ass, an anerersäits awer glafwierdeg ka funktionéieren. Mir wëlle usetze bei de Produktiouns- a Liwwerketten, déi mussen engersäits transparent opgebaut sinn an eng fair Verdeelung vun de geschaafene Plus-Valuen erméiglechen, anerersäits eng klimaneutral Produktioun a Circulatioun vun de Wueren färderen.

Mir wëllen dofir en ethesche Businessmodell dee folgend Critèren muss berécksiichtegen: transparent Liwwerketten, kloer definéiert Handelsreegelen, Interdictioun vun all Form vu kommerzieller Dominanz an Ausbeutung, käschtendeckend Präisser vun agrare Produiten, Respekt vun Mënscherechter a soziale Mindeststandarden, klima- an ëmweltschounend Produktiounsmethoden.

## Mir. D’CSV. Mir zu Lëtzebuerg.

Dat ass déi Propositioun, déi ech iech wëll ënnerbreeden. Eng Propositioun fir eng Partei, déi duerchstart. Déi sech selwer erneiert, well se d’Land wëllt erneieren. Déi sech selwer nei denkt, well och Lëtzebuerg muss nei geduecht ginn. Dee Prozess, fir eist Land nei ze denken, muss vun eis gestart an ugefouert ginn. **Lëtzebuerg brauch no der Pandemie e neien Entworf. D’CSV wëllt deen Entworf liwweren.**

Dës Erneierung muss vun eiser ganzer Partei gedroe ginn. Ech hunn et scho geschriwwen: dat ass keng Saach vun Dosenden. Dat ass eng Saach vun Dausenden. D’Saach vun eis alleguer. **Eis Partei besteet aus Dausenden ënnerschiddleche Kompetenzen, groussaartegen Talenter a kreative Virstellungen, déi zesummen eng nei CSV kënne gestalten. Eng, déi zielt, well se eppes ze proposéieren huet.** Eng, déi eescht geholl gëtt, well se eppes Wichteges unzebidden huet. Eng, déi unzitt, well hir Offer Loscht mécht, se unzehuelen. Eng, mat där zesummen ee wëllt op de Wee an eng gutt Zukunft goen.

Mir wëllen eng Partei sinn, mat där e wëllt zesummeschaffen, net eng Partei, déi ee wëllt ausschléissen. Et geet net em haart Oppositioun, et geet elo em iwwerzeegend Alternativen an herno em responsabel Kooperatioun. Eng chrëschtlech Partei ass keng Partei vun der perséinlecher Profiléierung a vum Näid. Dat ze behäerzegen, wier déi glafwierdegste Fassong, fir eisem C Unerkennung an der moderner Gesellschaft ze verschafen. **D’CSV ass d’Partei vum “Mir zu Lëtzebuerg”. Dat si mir alleguer. Dat ass déi chrëschtlech inspiréiert Partei, déi net spléckt, mee integréiert a jidderee mathëlt.**

**Mir wëllen eng Partei sinn, déi een um sozialen Engagement erkennt. Do komme mer hier, do gehéiere mer hin.** Eisen C steet fir sozialen Engagement a sozialen Zesummenhalt. Esou wëlle mer “Gemeinwohl” zu Lëtzebuerg definéieren. Eis ee lieweswäert Land zesumme virstellen. Dee Lieweswäert musse mer no der Covid-Pandemie nei fir eis entdecken.

**D’CSV huet eng grouss Suerg fir déi Leit, déi mussen haart schaffen, fir zu eppes ze kommen, an déi wëllen zu eppes kommen, well se haart schaffen – a net schonn alles haten, wéi et lassgoung.** Mir sti fir en zäitgeméisse Grënnergeescht. Familljen, Betriber, Veräiner, Engagementer – dat sinn alles Terraine fir Grënner. Fir esou Mënschen ewéi déi, déi och d’CSV duerch d’Geschicht gefouert hunn. Mir ënnerstëtzen de biergerlechen Asaz, mir verstäerken d’Leeschtungsfäegkeet vun eiser Gesellschaft zugonschte vun eis all, wa mer grënne loossen.

Eis eege Membere wëlle wëssen, wou de Wee soll hiféieren. Ech hu probéiert, dee Wee ze beschreiwen. Mat ville vun iech hunn ech an deene leschten zwee Joer driwwer geschwat, wou de Wee eis soll hiféieren, vill vun iech hu mech gefrot, wou ech mengen, datt mer wëllen a sollen hin. Hei ass elo meng kloer Äntwert. Meng Propositioun fir d’Zukunft vum Land a fir eis fantastesch Partei. **D’CSV ass d’Partei vum Joseph Bech, vum Pierre Dupong, vum Pierre Werner. Vum Jacques Santer a vum Jean-Claude Juncker. Eis grouss Geschicht an eis räich Traditioun bedeiten ee gewaltegen Optrag fir d’Zukunft. Dee musse mer unhuelen. Si all hu missen erneieren an Transitioune woen. Et war ëmmer zum Wuel vum Land an eiser Partei. Och mir mussen elo d’Transitioun woen.**

Dee beschriwwene Wee wäert eis Ustrengung a Kraaft ofverlaangen. Et ass een, dee mer nach net gaange sinn, an op deem Orientéierung néideg ass, fir un d’Zil ze kommen. Et ass een, dee net grad esou sécher ass wéi dee vu viru 17 Joer, mee duerfir net manner spannend. Dëse Wee féiert duerch nei Landschaften, an deene mer eis elo mussen zuwee fannen. E weist eis, datt wann alles ännert, mir och eis Gewunnechte mussen änneren. **Mee et ass ee breede Wee. Vill Reesender hunn op him Plaz, a mir wëllen se all mathuelen, ouni datt ee riskéiert, an de Gruef ze rëtschen.**

Wa mir selwer Vertrauen an de Wee hunn, kënne mer dat Vertraue weiderginn. Un déi Dausende bannent der CSV, déi de Wee wëlle beschreiden, an déi Dausenden dobaussen, déi da virwëtzeg op de Wee vun der CSV ginn a sech eis uschléissen. **Mir wëllen eng Partei sinn, déi mathëlt, déi matrappt, déi ka begeeschteren.**

Déi CSV huet et ginn, an et wäert se nees ginn. Mat engem aneren Ustrach no enger intensiver Renovatioun. Net just eng Fréijoersbotz, wéi dat an dës Joreszäit passt. **Eng wierklech nei Ausriichtung. Ee reegelrechten Opbroch.  Dozou gehéieren Inhalter a Positiounen. Dozou gehéieren och Gesiichter.**

D'CSV ass elo am aachte Joer an der Oppositioun. Eis Opstellung fir déi nächste Kéier muss eng ganz aner sinn, wéi déi leschte Kéier. Mir kënne net déi selwecht bleiwen an den Usproch hunn, eis erneiert ze hunn. 2023 wëll d'Land eng ronderneiert Partei gesinn. Wéi bei engem Haus bleiwen eis Féllementer stoen, well si gëllen ëmmer an allzäit. Mee d'Ariichtung muss eng ginn, déi an e robusten zukunftsfäege Bau passt. **Eis Partei muss an eis Zäit passen. Mat allem, wat se ausmécht.**

**Mir komme net virun, wa mer elo hannerzeg ginn.** Mir däerfe de Bléck net méi zréck riichten. Mir hu verluer, a mir kënne nees gewannen. Mat frëscher Energie a frëscher Uluecht, mam Wëssen, dat Richtegt ze wëllen a mam Wëllen, dat Richtegt ze maachen.

Mat menge beschte Gréiss,

Frank Engel